N°446
Entrée le 08.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

D'CNS erlabt de Remboursement vun 12 Konsultatiounen iwwer 6 Méint bei engem Generalist oder Spezialist. Fir all weider Konsultatioun freet d'CNS eng Justifikatioun, respektiv et muss een am Virraus ëm Erlabnis bei der Keess froen. Bei Patiente mat medezineschem Cannabis, déi widderhuelt bei hiren Dokter oder hir Doktesch mussen, kënnen scho mol séier vill Konsultatiounen zesumme kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt et dës Reegelung vun den 12 Konsultatiounen?
2. Wéi vill Persounen hunn déi 12 Konsultatiounen an de leschte 5 Joer iwwerschratt an hunn dofir mussen eng speziell Erlabnis vun der CNS kréien fir de Remboursement?
3. Wat brauch d'CNS un Informatiounen, fir esou een Remboursement ze geneemegen?
4. Wier eng speziell Reeglung fir Patienten, déi medezinesche Cannabis kréien oder z.B. eng Kriibsbehandlung maachen, an den Aen vun der Ministesch sënnvoll? Wa jo, wäert d'Ministesch dës emsetzen? Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten